ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Abrël 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Eng brittesch-iranesch Journalistin an Entwécklungshëlleferin ass eng Woch no enger ëmstriddener fënnefjäreger Haftstrof am Iran zu engem weidere Joer Prisong verurteelt ginn an zousätzlech zu engem Joer Ausreesverbuet. Si ass zënter 2016 de Spillball an d'Geisel an enger Geriichtsaffär tëscht Groussbritannien an dem Iran iwwert net geliwwert Panzeren engersäits a bei de Wirtschaftssanktioune géint den Iran wéinst dem iraneschen Atomprogramm anerersäits. Duerfir hätt ech des Froen un den Här Bausseminister:

1. Ass d'Lëtzebuerger Regierung prett fir konkret Schrëtt fir d'Fräiloossung an d'Ausrees vun der brittesch-iranescher Journalistin ze ënnerhuelen, och iwwert de Kader vun der EU-Diplomatie eraus?Ass den Här Bausseminister bereet, sech an dësem Fall perséinlech fir dës Fra a Mamm anzesetzen, déi zënter 2007 a Groussbritannie lieft?
2. Ass d'Lëtzebuerger Regierung opgrond vun de permanente Mënscherechtsverletzungen duerch den iranesche Regime, am Aklang mat der Astufung vum Iran als Terrorstaat an och opgrond vun der nuklearer Oprëschtungspolitik vun dem Land bereet fir méi streng Moossnamen géint den Iran aktiv ze ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten